128, route d'Arlon
L-1150 Luxembourg
Tél. : 621 221 782
Email : musek@acen.lu

Association du Personnel de l'Enseignement Musical
affiliée à la FGFC

66, rue Baudouin
L-1218 Luxembourg
Tél. : 40 77 20 – 1
Email : fgfc@fgfc.lu

DÄIN DIPLOM GËTT NET VOLLWÄERTEG UNERKANNT – WIER DECH!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Virun der Ouschtervakanz haten d'ACEN an d'FGFC eng Entrevue mat de Ministere Bofferding a Meisch, fir iwwer eng vollwäerteg Diplomunerkennung fir d'Chargéen am Enseignement Musical (EM) ze diskutéieren an ze verhandelen.

Am Règlement Grand-Ducal vum 28. Juli 2017 (RGD 2017) gëtt de Chargé am EM duerchaus wéi all aner Employé no sengen Diplomer aklasséiert, kënnt awer an de Karriären A1 (Master), A2 (Bachelor) a B1 (Bac) an en degradéierten Ënnergrupp, dee systematesch méi déif remuneréiert gëtt, wéi all déi aner Ënnergruppen an deene respektive Karriären.

Trotz enger fachlech a kënschtleresch héichwäerteger Ausbildung, schéngen d'Diplomer am EM also als mannerwäerteg ugesinn ze ginn an de Chargé soll deemno als bëlleg Aarbechtskraaft hierhalen, fir e breetgefächerten a qualitativ héichwäertege Museksunterrecht an de Gemengen z'assuréieren.

An enger Fonction Publique, wou all anere Secteur gläichberechtegt no sengen Diplomer bezuelt gëtt, ass dës Situatioun net méi ze toleréieren an dofir fuerdere mir, datt d'Diplomer vun de Chargéen am EM endlech vollwäerteg unerkannt ginn.
Trotz widderhuelter Opfuerderung eisersäits, dësen Dossier net mat enger bevirstoender Reform vum Museksunterrechtsgesetz ze vermëschen, si mir an der Entrevue batter enttäuscht ginn.

Anstatt op eis Fuerderungen anzegoen, huet den Här Minister Meisch eis e kuerze Resumé doriwwer gemaach, wat eis mat der Reform vum Museksunterrechtsgestz fir d'Rentrée 2022/23 erwaart an huet eis notamment ze verstoe ginn, datt d'A1 Karriär an Zukunft just nach fir d'Proffen an d'Direktere reservéiert ass.
De Chargé respektiv den Enseignant am EM, wéi et dann ab September 2022 heescht, wéi och de "chargé de la direction", solle maximal an enger A2 Karriär agestallt ginn.

Mir erënnere kuerz drun, datt eng ganz Rei Chargéen sech momentan an enger degradéierter A1/E3ter Karriär befannen an datt de Chargé am EM mat engem Master aktuell nach ëmmer an enger A1 Karriär agestallt gëtt.
Elo, wou mir d'Fuerderung no enger vollwäerteger A1/E6 Karriär fir den EM stellen, ass d'Äntwert vum Educatiounsministère déi, den Enseignanten an Zukunft iwwerhaapt net méi d'Méiglechkeet ze ginn,

an esou eng Karriär ze kommen. De Recrutement vun den Enseignanten am EM gëtt beim Bachelor an enger A2 Karriär gedeckelt an de Master gëtt mol net méi fir de Klassement unerkannt.
D'Argument vum Minister Meisch, datt et sech heibäi des Kéier awer ëmmerhin ëm eng, mir zitéieren, "richteg A2 Karriär" géing handelen ass net nëmme wéineg befriddegend, mee just nach grotesk, well den Här Minister domat och nach indirekt zougëtt, datt d'Chargéen am EM aktuell tatsächlech an degradéierten a "falsche" Karriären agestallt sinn a ginn.

Eis Revendicatioune wat de RGD 2017 betrëfft goufen also gekonnt ëmschëfft an d'Madamm Ministerin Bofferding huet leedeglech an Aussiicht gestallt, datt een déi Chargéen, déi momentan an engem B1/E2 oder engem A2/E3 agestallt sinn, bei der Reform mat géing upassen.
Den aktuellen A1/E3ter sollt awer net ugepasst ginn an hätt da just nach de Choix an senger degradéierter Karriär ze bleiwen oder sech selwer nach eng Kéier ze degradéiere fir an e "richtegen" A2 ze wiesselen. Domat zementéiert de Ministère en plus eng A2 Karriär, déi iwwert enger A1 Karriär am selwechte Beruffsstand läit.

Dës Propos ass eng reegelrecht Farce an e Schlag an d'Gesiicht fir all Chargé, deen sech jorelaang op enger Héichschoul weidergebilt huet, fir d'Konditioune vun enger A1 Karriär ze erfëllen, déi dunn net richteg remuneréiert gouf an elo och nach gestrach soll ginn.

De Ministère argumentéiert, datt d'Gehälter duerch déi Moossname jo awer duerchaus ab September 2022 géifen an d'Luucht goen, léisst awer komplett ausser Uecht, datt d'Chargéen am EM säit 2017 falsch bezuelt ginn an datt en Deel vun de Leit trotzdeem op der Streck wäert bleiwen, wann d'A1 Karriär net ugepasst, respektiv gestrach gëtt. Fir d'Kolleeginnen a Kolleegen am B1/E2 an am A2/E3 kéint ee vun engem klenge Liichtbléck schwätzen, vun enger richteger Valoriséierung a vollwäerteger Diplomunerkennung fir all d'Chargéen kann awer keng Riets sinn, well d'Chargéë mat dëser Propos gespléckt ginn a eng Retroaktivitéit op 2017 ausgeschloss gëtt.

Et ass eng Mogelpackung, déi d'Ministeren eis wëlle verkafen. Wann ee bedenkt, datt déi musikalesch Grondausbildung mat der Reform gratis soll ginn, muss et engem sauer opstoussen. No bausse gëtt d'Wichtegkeet an eng Valorisatioun vum Museksunterrecht propagéiert an hannert de Kulisse sinn et schlussendlech d'Leit um Terrain, déi duerch eng Ofwäertung vun hirer Karriär d'Käschten dofir mussen droen.

An domat net genuch. Duerch d'Ofschafe vun der Masterkarriär fir d'Enseignanten am EM an der gläichzäiteger Aféierung vun engem Bachelor Studiegang fir Musek op der Uni Lëtzebuerg, wat un sech eng gutt Saach ass, wäerten awer ëmmer manner jonk lëtzebuergesch Museker d'Land verloosse fir sech musikalesch weiderzebilden. Et war allerdéngs ënner anerem genau dësen Ëmstand, datt eis jonk Museker an d'Ausland gaange sinn, dee bis elo de Garant fir eise qualitativ héichwäertege Museksunterrecht war. Mëttel- bis laangfristeg wäerte mir also an d'Situatioun kommen, datt d'Qualitéit vum Enseignement Musical lues a lues an zwangsleefeg wäert ofhuelen.

D'Gewerkschaften ACEN an FGFC si géint eng Reform, déi d'Qualitéit vum Enseignement Musical därmoossen op d'Spill setzt an déi d'Enseignanten dobäi och nach am Ree stoe léisst.
Eng vollwäerteg Diplomunerkennung fir d'Chargéen am EM ass fir eis net verhandelbar a mir wäerten eis weider dofir asetzen, datt den Enseignement Musical an d'Leit um Terrain déi Wäertschätzung an Unerkennung kréien, déi se verdéngt hunn.

Nëmmen zesumme si mir staark,

D'Vertrieder vun ACEN an FGFC

128, route d'Arlon
L-1150 Luxembourg
Tél. : 621 221 782
Email : musek@acen.lu

Association du Personnel de l'Enseignement Musical
affiliée à la FGFC

66, rue Baudouin
L-1218 Luxembourg
Tél. : 40 77 20 – 1
Email : fgfc@fgfc.lu

TON DIPLÔME N'EST PAS RECONNU À SA VALEUR – DÉFENDS-TOI!

Chères collègues, chers collègues,

Avant les vacances de Pâques, une entrevue a eu lieu entre les syndicats ACEN et FGFC et les ministres Bofferding et Meisch pour discuter et négocier une reconnaissance à part entière des diplômes pour les chargés de l'enseignement musical.

Dans le règlement grand-ducal du 28 juillet 2017 (RGD 2017), le chargé de cours de l'enseignement musical est bien classé selon ses diplômes comme tout autre employé, mais se retrouve par la suite dans les carrières A1 (master), A2 (bachelor) et B1 (bac) dans des sous-groupes dégradés, qui sont systématiquement rémunérés moins favorablement que les autres sous-groupes dans les carrières respectives.

Malgré des études de haute qualité au niveau didactique et artistique, les diplômes de l'enseignement musical semblent être considérés inférieurs à ceux des autres employés et les chargés de cours doivent servir comme main d'œuvre bon marché afin d'assurer un enseignement musical diversifié et de grande valeur qualitative dans les communes.

Au sein d'une fonction publique, où chaque secteur est rémunéré de façon égale selon les diplômes, cette situation ne peut plus être tolérée et nous demandons pour cause, que les diplômes des chargés de l'enseignement musical soient enfin reconnus à part entière.
Malgré notre demande de ne pas mélanger ce dossier avec une réforme éventuelle de l'enseignement musical, on a été gravement déçus lors de notre entrevue.

Au lieu d'aborder nos revendications, Monsieur le Ministre Claude Meisch nous a présenté un bref résumé sur ce qui nous attendra avec la réforme de l'enseignement musical pour la rentrée 2022/23 et nous a notamment insinué que les carrières A1 seront dorénavant réservées aux seuls postes de professeurs et de directeurs !
Le chargé de cours, respectivement l'enseignant de l'enseignement musical, comme sera la dénomination prévue à partir de septembre 2022, tout comme le chargé de direction, seraient engagés au maximum dans une carrière A2.

Notons qu'en ce moment, un bon nombre de chargés se trouvent dans une carrière A1/E3ter dégradée et que les chargés ayant un diplôme de master sont actuellement toujours engagés dans une telle carrière A1.

Alors que nous revendiquons une carrière A1/E6 pour l'enseignement musical, la réponse du ministère de l'éducation est de supprimer complètement cette carrière pour les enseignants. Le recrutement sera plafonné au niveau du bachelor dans une carrière A2 et le master n'est plus reconnu pour le classement.
L'argument du Ministre Meisch, qu'il s'agissait cette fois-ci d'une « vraie carrière A2 », n'est pas du tout satisfaisante voire grotesque, car il avoue indirectement que les chargés de cours en service se trouvent réellement dans des carrières dégradées.

Nos revendications concernant le RGD 2017 ont donc été habilement contournées et Madame la Ministre Bofferding a seulement évoqué que les carrières des chargés en service se trouvant actuellement au B1/E2 ou au A2/E3, seraient adaptées lors de la réforme.
Par contre, la carrière A1/E3ter ne sera pas adaptée et les chargés en service n'auraient que le choix de rester dans cette carrière dégradée ou de se dégrader eux-mêmes encore une fois, pour obtenir le « vrai » A2. De cette façon on créerait, au sein d'une même profession, une carrière A2 mieux rémunérée que la carrière A1.

Cette propose est une véritable farce pour tous les chargés qui se sont formés aux conservatoires supérieurs pendant des années pour remplir les conditions d'admission à une carrière A1, qui était par après faussement rémunérée et qui sera finalement supprimée.

Le ministère indique que grâce à ces mesures, il y aurait quand même une hausse des salaires à partir de septembre 2022, néglige par contre complètement que les chargés de cours de l'enseignement musical n'ont pas été rémunérés conformément depuis 2017 et que les chargés classés au grade A1 ne seraient pas valorisés par les mesures proposées. Si nous sommes tentés de parler d'une lueur d'espoir pour les collègues au grade B1/E2 et au grade A2/E3, il ne faut par contre pas oublier qu'il ne s'agit nullement d'une valorisation ou d'une reconnaissance totale des diplômes pour tous les chargés, comme ces derniers seraient divisés par la propose du ministère et une rétroactivité n'est même pas considérée.

Donc, ce que les ministres nous proposent n'est autre qu'un cadeau empoisonné. Considérant que l'éducation musicale de base deviendra gratuite grâce à la réforme prévue, il faut après tout voir l'envergure de cette mesure. Vers l'extérieur, on propage une valorisation et l'importance de l'enseignement musical, alors qu'en réalité les enseignants vont financer cette offre par une dévalorisation de leurs carrières.

Mais ce n'est pas tout ! Par la suppression de la carrière A1 pour les enseignants de l'enseignement musical et le lancement simultané d'une filière bachelor enseignement musical à l'Université du Luxembourg, ce qui peut pourtant être apprécié, plein de jeunes musiciens luxembourgeois ne vont plus quitter le pays pour poursuivre leurs études à l'étranger. Le fait que nos jeunes musiciens se soient formés à l'étranger, était jusqu'à présent un des garants majeurs de notre enseignement musical de haute qualité. À moyen et à long terme, on se verra confrontés à une situation où la qualité de l'enseignement musical se dégradera peu à peu.

Les syndicats ACEN et FGFC ne vont pas supporter une réforme qui met en jeu la qualité de l'enseignement musical et qui va en même temps sanctionner les enseignants.
Une reconnaissance totale des diplômes pour les chargés de l'enseignement musical n'est pas négociable et nous allons continuer à nous engager pour une valorisation bien méritée de l'enseignement musical et de ses enseignants.

L'union fait la force,

Les responsables de l'ACEN et de l'FGFC